N°5932
Reçue le 28.03.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 5932 vum 15. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Deputéierten Roy Reding.

1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi eng Donnéeelen iwert d'Impfung géint de CVOID-19 am Kader vum Bluttspenden erhuewe gin?

Am Kader vum Bluttspenden ginn hei a Lëtzebuerg keng spezifesch Froen iwwert d'Impfung géint de COVID-19 gestallt. Routineméisseg gëtt virun all Bluttspende eng allgemeng Fro am Bezuch op Impfungen gestallt, an zwar ob de Spender an deenen leschten 4 Wochen eng Impfung krut. Jee nodeem wéi eng Impfung dat war, kann d'Persoun dann zum Spenden zougelooss ginn oder muss ee gewëssen Délai aussetzen. Bei enger Impfung géint Gielfëiwer sinn dat zum Beispill 4 Wochen, bei enger Hepatitt-Impfung 2 Wochen a bei enger Impfung géint de COVID-19, onofhängeg vum Impfstoff, 1 Woch.

2) Iwert wéi eng formel Widdersprochsméiglechkeete verfüge Leit, déi am Eeschtfall de Risiko vun der Opnam vun MRNA-Impfstroffer iwert eng Blutttransfusioun ofleenen?

All Persoun kann nom Prinzip vum „consentement éclairé" sou wéi et, ënnert anerem, am Gesetz vum 24. Juli 2014 iwwert d'Rechter an d'Flichten vum Patient festgehalen ass, seng Zoustëmmung zu engem Traitement ofleenen. Bei enger Blutttransfusioun gëtt dee Prinzip natierlech och applizéiert.

Lëtzebuerg, den 28. Mäerz 2022

D' Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert